Salon am Schlass - Am Fong eng gro'ss Fenster.

1. Optrött

Lisa eleng

Lisa : ( Ass am Gang Blumen op den Dösch an eng Vase ze stellen.)
Ech wéss net wat ons Madame haut huet.Neischt man ech gutt genug.Elo droen ech schon eng Ve'erelstonn an engem Stéck de Blummen bal eran,bal eraus.Emol sét se t'kém Besuch et misst hémlech a fröndlech bei ons ausgesin,da sét se eröm ech sollt d'Blummen dach léwer eweg huelen,well dén Dag haut wier nöt derzo ubruecht eng frédeg Stömmong an hier opkommen ze lossen.Der Deiwel mag klug dorausser gin. Nuja,t'Madame ass t'Madame,an t'Lisa ass t'Lisa an dat mecht wat et ugestallt gött.-Do,do stin se elo eröm,fir wé lang dat wéss de léwe Gott. ( et schellt ) Aha,dat wärt onse Besuch sin.Ons Madame erwart de Besuch vun der Baronesse Tossa, an dat ass eso' eng le'w Perse'nchen,dé brengt ons Madame bestömmt op aner Gedanken wann si hir elo Gesellschaft léscht.An dann huet d'Lisa och fir eng Zeitchen seng Ro'.( t'schellt ) Ma ech komme jo schon. (of)

2. Optrött

Lisa - Baronesse Tossa

L... : ( Fe'ert Baronesse an de Salon ) Da kommt Baronesse,huelt iech eng Minutt Platz, ech mellen iech gleich der Madame.Wat wärt dé sech fre'en.Well dir musst wössen mat Ongedold huet se iech erwart.Mir schengt,wé wann eröm e gro'sst Léd hirt Härz bedrecke ge'f.A well dir jo hir bescht Fröndin sit...

Tossa: Scho gutt lisa.A wé gét et da soss hei.Et ass dach elo ömmerhin schon e Joer, dass ech net mé hei wor.

Lisa : O,zönter dass dir fir d'lescht hei wart,démols wé mir den Här Grof zu Graf gedre- hun,huet sech hei villes verännert.Dass roeg gin am Schlass,ons le'f Gräfin gét traureg a niddergeschloen dorömmer,ech mengen,si muss krank sin.Neischt mé man ... hir gutt genug wo'si dach soss ömmer so le'f an zefridde mat mir wor.An nöt nömm... den Do't vum Här Grof ass et dén si so nidderdréckt,ech mengen si drét ömmer nac... um Verloscht vun hirem énzege Kand,dém klenge Rosalie,dat démols virun etlech Joren op so' eng geheimnisvoll Mane'er verschwonnen ass.Dach wat babbelen ech he... ech muss iech jo mellen,wann t'Comtesse nöt eröm eppes u mir auszesetzen soll hun.Wann dir eng Minutt Gedold wöllt hun. (of)

3. Optrött

...sa: Alles nach wé fre'er,sche'n a reich,an dach arm ass meng le'f Fröndin,well hir de Fridde vum Härz félt.T'muss awer och schrécklech sin ze wössen,dass én e Kand huet vun dém én nöt wéss lieft et oder ass et do't,wo' ass et dohém oder wo'ass sei Graf.( stét op a gét op an of ) An dann och de Mann ze verle'eron,dén engem Tro'scht an Léd könnt sin,eleng do soen ze missen,verfollegt vun dem e'wege Gedanken:" Wo ass mei Kand?Ech gléwe geren,dass dat zevill ass fir dech le'f Fröndin,an dass du dat eleng ......dach wat ass dat? ( bleiwt stoen a kuckt gespant op de Buedem ) Ech golde Re'schen ( hieft se op ) mat engem agrawe'erte Bustaw F Dat soll wuel Bertha héschen a secher gehe'ert et menger Fröndin.

4. Optrött

Tossa - Bertha

Bertha: Endlech,wat eng Fréd no so langer Zeit dech eröm ze gesin.(ömarmen soch)

Tossa : D'Fréd ass ganz op menger Seit,mei le'ft Bertha.Mé so,wé gét et dir,du geseis nöt zum Beschten aus.

Bertha: O Tossa,wé sin ech fro' dass du do bass,eleng kann ech all mei Léd bal nöt mé droen.Dach komm,huel Platz,du bass secher midd.

Tossa : Ech danken.Nu kuck och nöt so traureg,an dann ziels de mir wat dir t'Härz eso' schwe'er mecht.

Bertha: Du wéss et jo,et ass nöt eleng Trauer öm mei verstuerwene Mann,nén et sin t'Suergen,dé ech mir machen öm mein énzegt Kand,mei Rosalie.O hätt ech et bei mir,wan et nach liewe sollt,o wo'sst ech wo sei Graf wier,wann et nöt mé op deser Welt sollt sin.Awer dé Ongewasshét le'sst mir Dag a Nuecht kong Ro'.

Tossa : Bero'eg dech,mein Härz.Gottes We'er si geheimnisvoll a wonnerbar,a villeicht fe' ert de Barmhèrzegen dir enges Dags dei Kand eröm an t'Ärem.

Bertha: Ech hun t'Hoffnung opgin,well zönter dass mei Kand verschwonnen ass,sin ömmerhin s.. zwielef Joer an t'Land gezub,a secher ass hat haut eng Joffer wann et nach liewe sollt.

Tossa : Ge'F Gott sei Segen,dass dat de Fall wir.Mé wat ech dech froe wollt,ech hun hei um Teppech eng Medaille fonnt.Eng kleng golde Re'schen mat engem agrawe'erte B. Dé gehe'ert secher dir.

Bertha: (Greift sech un den Hals) Mei Gott,meng Re'schen.Ech muss se elo enescht hei verluer hun.Wé sin ech so' fro' dass du se fonnt hues,well et ass eng le'f Erönnerong dé ech nöt géren verluer hätt.

Tossa : Ech hu mer et geduecht.Dach secher eng sche'n Erönnerong.

Bertha: Nén,eng traureg.Et erönnert mech u mei Kand..Wé mir hatt démols gedéft hun,huet mei Man mir an dem Könnchen so eng golde Re'schen öm den Hals gehangen.Du begreifs also,dass dé Re'schen mir he'ch an helleg ass wo ech dach wéss,dass mei Kand dé selwecht öm sein Hals dre't,egal wo hat och ass,am Himmel oder nach op döser Welt. Nömmen dass a senger statt engem B en R agrawe'ert ass.

Tossa : Da gléwen ech dir gären,dass de Verloscht vun dem Undenken dech schwe'er getraf hätt.- Dach lauschter,ech mengen ech he'ere sangen.

Bertha: Dat wärten eröm Zigeiner sin,dèr kommen oft hei beim Schlass lanscht (gét bei t' Fenster) T'ass wé ech gesot hun,et sin Zigeiner,deitlech gesin ech hir Wén op der Landstross.

Tossa : (gét och bei t'Fenster) Du hues recht,si kommen ömmer mé no.Kuck wé t'Fraleit danzen a sprangen.E sonnerbart Vollek,dé Kanner aus der Pussta.

Bertha: Ech wéss nöt wat ech vun hinnen hale soll.Oft wöllt et mer schengen,wé wann si mat mengem Schicksal irgend eppes ze din hätten,well och démols,wé mei Kand verschwonnen ass,so eng Band an der Ömgegend wor.Ech wéss net...

Tossa : He'ers de se sangen?Ech mengen,ech kann hire Gesank verstoen

5. Optrött

De Vireg - Zigeinerchoer (hannert der Bühn)

Zigeinerinnen: ( hanner der Bühn )

Lid No 1

I. Löschteg ass d'Zigeinerliewen
Löschteg ass't op döser Welt
Wann durch Bösch a Feld mir striewen
Frei a frank we't ons gefällt.
Wa mir danzen,wa mir sprangen
Wat eng Loscht,ei wat eng Fréd
An duerzo onst Liddche sangen
Hei wat eng Glécksélegkét

R. Heissa,hei tiraleralla
Wat eng Loscht,ei wat eng Fréd
Heissa hei,tiraleralla
Né wat eng Glecksélegkét.

II. T'ass egal och wo mir rullen
Nömme virun an t'Gross Welt
Frei a frank eso wé t'Vullen
Önnerem bloen Himmelszelt.
Kreiz a quier los mir ons dreiwen
So wé t'Wolken an de Wand
Nérens könne mir lang bleiwen
Well mir ze'n vu Land zu Land

Tossa a Bertha hu roeg nogelauschtert.

Tossa : Kuck,Bertha,si machen Halt mat hire Wén.Si wölle secher hei raschten.Könnte mir ons hirt Dreiwen nöt emol vu mé no ukucken.

Bertha: We's du wölls,Tossa,ech gi gèren mat dir bis an de Gart.Da kann ech an engems kucken op ronderöm alles fest zo' ass,well bei der Band kan én ni virsichteg gen.. sin.A mir könne n ons dann och önnerhalen...

Tossa : (önnerbrecht)Wés de mir mein Openthalt hei am Schlass so' schén wé méglech wölls machen.Gelt dat wolls de jo soen?

Bertha: Wirklech,dat wollt ech.

Tossa : Du gutt Se'l,komm lo'ss mer an de Gard goen.(Alle be'd of)

6. Optrött

Milka,al Zigeinerin eleng.

Milka : ( könnt erageschlach) We',ass sech ké Mönsch do.Ass sech sché weiss Fra fort. Huet sech dé al Milka awer Glick.Vill Glick.-(kuckt ronderöm) Ei,ei,ei...

Ei,ei,ei,ass sech sche'n hei an dé gro'ss Haus,mé sche'n wé a Milka seng dreckeg Zelt,wo si muss leien op ale Lompen.(sötzt sech op e Fotell)Ei,ei,ass dat sech gutt möll.-(mecht sech et kammo'd) Ass sech grad wé am Paradeis.(Geseit eng Schesel mat Uebst)Ei kuck elei,kuckelei!(Össt begierlech a stecht dovun an Täschen) Hmmm,ass sech dat se'ss,se'ss.Ass sech nöt nömme gutt fir dé Dam noble,ass sech och gutt fir Zigein.(sengt)

Melodie No 1

Heissa,hei tirelleralla
Ass sech gutt,ass sech dat fein
Heissa,hei tiralleralla
Grad ass wé Tokaier-Wein

(gét bis bei t'Fenster) Ha kuck,do si meng le'f Zigein,mat Wén a mat Zelt.Kuck wé fro' wé erdeg si sin.
(t'He'ert én Zigeiner sangen:

Heissa,hei tirelleralla
Losst ons fro' a löschteg sin
Heissa hei tiralleralla
Wo' mir gin a wo' mir stin.

(könt eröm zreck op den Dösch zo' an erblcckst d'Medaill dé nach do leit.)
Ha,wat ass sech dat do? Gold,richteg Gold.Schengt eng Blimchen ze sin.Jo,eng Re'schen.Eng Re'schen aus Gold.Ass secher fir an eng Halsketten.-Mé dé Blimchen kenn ech dach,dé huet sech al Milka scho gesin,awer wo?- A,ech wéss,ech wéss. Violka,Violka.-Ah,ass dat sech en Zo'fall.-Könnt sech grad ewé gewönscht fir aus zefe'eren plang vu Mumm Wlada.

7. Optrött

Milka - Tossa - Bertha - herno Lisa

Tossa a Bertha kommen aus dem Gart.

Tossa : E sonnerbart Vollek,dé Zigeiner.

Milka erschreckt a wöllt op d'Dir lassgoen)

Bertha: Halt,wat héscht dat do,eng Zigeinerin.Wat macht dir hei?Wé kommt dir hei eran?

Milka : Ech..ech...ech

Bertha: Ké Schrack weider.Schwätzt,wé kom dir hei eran?

Milka : (weist op Dir) ...,Milka ...,Milka ... gemengt....

Tossa : Bertha,si huet deng Medaille an den Hänn

Bertha: Wirklech,dé al Hex.Wöll dir dat wuel hirgin,an da kuck der dat der fortkommt, well soss...

Milka : Net so streng,sché weiss Fra.net so.Milka wollt nöt stielen.Milka kennt dé golde Re'schen,Milka huet se scho gesin a wollt emol kucken...

Bertha: Wé,wat sot dir do?Dir kennt dé Medaille.Dir hätt se scho gesin .Wéná a wo?Da schwätzt dach.

Tossa : Rég dech nöt onnédeg op,Bertha.

Milka : Dat war,dat war...a Spunien war et.Dat war...zu Barcelona.Jo,zu Barcelona.

Tossa : Zu Barcelona,dat ass dach sonnerbar.

Milka : Jo,zu Barcelona,beim Cölwertur.Do leien vill Zigeiner.A bei dénen ass eng Zigeinerin,jong a schén wé eng Ro's an èrem Gart

Bertha: Eng Zigeinerin,eng Zigeinerin dé t'Medaill vu menger Duechter dre't.

Tossa : Wé geseit se aus dé jong Zigeinerin?

Milka : Nöt brong wé t'Pusstakanner.Nén,o nén.Ass sech nömmen e bössche brong vun der Sonn a Spunien.

Tossa : An dat Zigeinerkand drét och eso eng gölde Re'schen.

Milka : An enger Ketten öm den Hals.Huet sech al Milka se selwer gesin.

Tossa : Bertha.Wann dat Médchen...Sot emol Fra,wé al kann dat Kand zu Barcelona sin?

Milka : Jonk ass et,ganz jonk.

Tossa : He'ers de,Bertha?

Bertha: Wé klappt mein Härz.-O Gott,loss et nöt zersprangen.(zur Milka)Sot,kenn dir de Numm vum dém Médchen?

Milka : O jé,kann ech net mé soen.

Bertha: Ass et vleicht - Rosa,Rosalie.

Milka : Nén,nén,nöt eso.War et e Numm wé Zigeiner hun.Viol...Viol...Ah,hun ech et eröm, Violka,so ass den Numm.

Bertha: Violka,e friemen Numm.Nöt Rosalie.Also dach nöt mei Kand.

Tossa : Göff t'Hoffnong nach nöt op,le'f Fröndin.Wie wéss,vleicht huet sech an de lange Jor de Numm geännert.T'Kand wor jo nach ganz kleng wé et hei fort komm ass a wie w. ..

Bertha: Weni huet dir dat Médchen fir t'lescht gesin?

Milka : Dat wor sech am Hierscht,lescht Joer.Wé mir si fort vu Barcelona.War hat so traureg wollt so gier mat hir an döst Land.

Bertha: An denk dir hat nach emol eröm ze gesin.Gitt dir no Spunien?

Milka : Ah,jo.An engem Mo'nt ass Milka eröm beim Sölvertour,bei all dé aner vill Zigeiner,w. Milka röm kann danzen an dronken gude Wein vu Spunien.An da geseit Milka och röm sc. Zigeinerin,dé do genannt gött Ro's vu Barcelona.

Bertha: (lues zur Baroness) Tossa,mir könnt eng Idee.Ech résen dónen Zigeiner hémlech no.Ec wöll Gewösshét hun.(Milka,dé hémlech gelauschtert huet,reift sech t'Hänn)Dach wart, mir scheckon dé Al mol fort,an da le'en ech dir mei Plang ausernén.(rift) Lisa! (zur Milka,dé sech an dèr Zeit nach Uebst vum Dösch gestuel huet) Meng le'f Fra, dir hut mir do eng wertvoll Nouvelle bruecht.Duerfir wöll ech iech verzeien,dass dir er Hand no friemem Egentom ausgestreckt huet.

Milka : O,Milka wollt nöt stielen,nömme kucken.Milka stielt ni.

Lisa : Dir huet geruff,Comtesse?

Bertha: Lauschter emol Lisa.Huel de Al hei mat a göff hier gutt ze iessen.Göff hir och nach eppes mat fir op de Wé a wanns de si dann eraus geloss hues,mechs de röm alles gutt fest hannerun er z.' dass mer nöt nach eng Ke'er so' en onerwönschte Besuch kre'en.

Lisa : Wé t'Comtesse wöllt.Da kommt ,Al!

Milka : O Dank,dausend Dank,schén gutt Fra.

Bertha: Scho gutt,gitt elo mam Médchen a wann der bei èr Band kommt,da suergt,dass kén sech mé an der Noperschaft vum Schlass verléft.Well nöt ömmer gét et so gelent of. (Lisa a Milka of )

## 8. Optrött

Tossa - Bertha

Tossa : Bertha,ech hun eng Ahnong,wé wann dé Zigeinerin,dé als Ro's vu Barcelona beim Sölw-turm liewt,deng Duechter wier.

Bertha: O wier et woer.Et kann dach bal nöt sin,dass ech durch eso en Zofall mei Kand eröm fanne sollt,no so lange Joeren.

Tossa : t'Guthét vun eiser Herrgott ként keng Grenzen a wie wéss,vielleicht huet hien endl. dei Gebied erhe'ert.Nömme,wat denks de elo ze önnerhuelen?

Bertha: Wé ech der elo scho grad ugedeit hat,hat ech wölles dé Zigeinerband am A ze behalen an hit Spuer bis a Spunien ze verfollechon,dach...

Tossa : Dach du has nöt mé u mei Besuch geduecht,dat wolls de jo soen.

Bertha: Tossa...

Tossa : Ech ower soen dir dat hei.Was de och önnerhöls,fir dir Gewösshét iwer d'Liewen oder den Do't vun dengem énzege Kand ze verschafen,mech fönns de ömmer un denge Seit.A wanns du no Spunie rése wölls,nu gut,ech gi mat.Weni brieche mer op?

Bertha: Du gutt,du énzeg Fröndin.Sobal wé d'Zigeiner hir Zelter hei ofbriechen,machen och mir ons op.( rifft ) Lisa! - O Tossa,wé ziddert mein Härz vu neier Hoffnong an ass dach zu gleicher Zeit eso voller Gléck,dass ech a mengem gro'sse Léd eso trei Fröndin u menger Seit wéss.Kuck,ech wollt dir dein Openthalt eso' schén ma wat hate mer alles am Gart geplangt,an elo....

Tossa : Nuj,nuj,mach mer keng Geschichten,Haptsach ass,wa mir endlech Gewösshét iwer de Kand kre'en.A wa mir jo zesumme résen,si mir jo so wé so zesummen.

Bertha: Gewösshét iwer mei Kand.Dat ass öm wat ech onser Hergott schon zönter Jore bied ( op de Knéen ) O le'wen Härgott,he'er dach endlech t'Gebied vun enger ongléckl cher Mamm,a fe'er hirt Kand eröm z'reck an hir Ärem!

Lisa : t'Comtesse huet geruff

Tossa hölleft der Bertha eröm op

Bertha: Lisa,mir verrésen.

Lisa : Wé??????

Bertha: Jo,villeicht fir lang.Duerfir mach alles so' weit an t'rei,dass mer stönterlech opbrieche können,t'Baronesse Tossa,du an ech.Richt also emol alles fir drei Per so'nen.De Réscht göss de nach zur Zeit gewuer.Komm,Tossa,loss mer ons z'reckze' an dé weider Enzelhéte bespriechen.(Tossa a Bertha of)

9. Optrött

Lisa : Batschdeg.Mir verrésen.Der Deiwel mach elo eröm eng Ke'er dorausser klug gin.Wochelang war dat e Gedéssems mam Besuch vun der Baronesse Tossa,elo ass se do,an verrése mir.-Nujé mir soll et égal sin,ech hu mech so' lues dru gewinnt mech he am Haus iwer neischt mé ze wonneren. ( of )

R I D O

II. A K T.

4 Woche mé spét! En Zigeinerlager a Spunien.Lenks en Zigeinerwon mat enger Trap virdrun Rechts en Zelt,eng Wäschlenkt op dér Wäsch hänkt,an der Mött e Lagerfeier wo t'Feier nach nöt brennt.Allerhand Gestreich a Blummen rondöm.

1. Optrött

Mumm Wlada eleng.

Wlada : ( sötzt op der Trap virum Won Gromperen ze schielen)
Wo dé al Milka nömme bleiwt.Wochelang warde mir elo schon elei op si,an nach ön keng Noricht vun hir an der Band.Sollen se hannen um Enn dat Schlass nöt fonnt Ech hat hinnen et dach ganz gené beschriwen.T'wier schued,wann si et nöt ferdeg bruecht hätt dé Gräfin heihin ze lackelen.Eso' e Goldfösch fänke mir so bal nöt

2. Optrött

Mumm Wlada - Aranka

Aranka: ( könnt eragostirmt ) Mumm Wlada,Mumm Wlada.

Wlada : Wat ass da lass.Du blärs jo wé wanns de e Messer am Hals häss

Aranka: Eng Nouvelle.Eng frédeg Nouvelle.T'Mamma Milka ass do.

Wlada : (sprengt op) Wé???Wo'????- Wo' ass se???

Aranka: T'Bianca könnt mat hier,si ka kaum nach goen.Ech si viraus gelaf,iech de frédeg Noricht ze brengen.

Wlada : ( mé fir sech ) Hoffentlech huet alles geklappt,an d'Gräfin ass hir op de Leim gangen,dass mir se heihin kre'en,well ons caisse ass zimlech moer a muss eröm e wéneg nogehollef kre'en.(zum Aranka) Wat sót se dann vun hirer Rés?

Aranka: O,t'Mamma Milka schwätzt ganz doruechter,vun enger Gräfin,dann eröm vun engem Schlass mat vill Geld,Geld a Sölwer asw.Ech gin nöt klug aus hirem Gespréch.Mir schéngt wé wann et mat hir zu Enn geng a si nöt mé lang ze liewen hät.

Wlada : Wann si mir nömme nach ziele kann,wé et op hirer Rés gangen ass,da kann si roeg stierwen,al genug ass si jo.-- Mé do könnt t'Binaca scho mat hir.

3. Optrött

Dé Vireg - Milka - Bianca

Wlada : ( gét op t'Milka duer ) Milka,endlech.....

Milka : Oh,Wlada,ech si mid,so' mid,-

Wlada : Dat gt eriwer,so mir wé ass et,huet et geklappt?

Milka : Alles.- Ass sech hei dé Gräfin - zu Barcelona - an engem Hotel.

Wlada : ( zum Bianka an Aranka ) Da kre'e mir se och heihin.Well secher ro't si nöt bis si onst Lager fonnt huet.Dé Geschicht mam Violka le'sst kir keng Ro'.An da kanner.

Araaka: Da kre'e mir och mol röm Geld an t'Fanger...

Bianka: An t'No't an t'Suerge kre'en endlech mol en Enn.

Milka : Wlada,ech kann nöt mé..Wasser - Wasser--

Wlada : Kanner,fe'ert se an de Won a lét se nidder.Gitt hir ze iessen an ze drenken,da könnt si schon röm zo sech.( machen et ) T'war dach klug vu mir der aler Gräfin durch t'Milka dé Geschicht vum Violka virschwindlen ze lossen.Am ganze Lager wéss ausser der Milka soss kén wé nömmen ech d'Geheimnis dat iwer dem Violka leit.Wann dé Al elo stierwt,sin ech dé énzeg dé eppes wéss,an duerfir fannen ech keng Ro' a keng Rascht so' lang ech dé Gräfin nach um Liewe wéss.Wann dé t'Worecht gewuer ge'f gin,könnt dé mech enges Dags zur Rechenschaft ze'en,an dann...nén,dat därf nöt ze sin.An duerfir war et dat Bescht se hier an dat friemt Land ze lacklen,an se do fir ömmer verschwannen ze lossen.Dann ass kén Hunn mé dén no hir kre'nt.- Loss mer mol kucken wat Milka mer nach vun hirer Rés ze ziele wéss.Si wärt sech jo elo alt e bösschen erholl hun ( an de Won of )

4. Optrött

Vilka - Carmen

Komme vu rechts eran.

Carmen: Komm,Violka,nu sief och nöt mé trauregˌa botz deng Trénen ewech.Wat kann dat da scho notzen wanns de ömmer klo's,deng Hémecht wär net hei,deng Eltere wiere keng Zigeineren asw. Ech wéss et jo am beschten dass et so' ass,well du bass nöt wé mir aner.An och all dé aner wessen et,well nöt ömsoss nennen si dech t'Ros vu Barcelona.

Violka: Ech sin ower nöt vu Barcelona,dat sót mir mein Hierz.

Carmen: Awer schén wé eng Ro's bass de,a well mer nu schon en etlech Joer hei zu Barcelo leien ass et nömme verständlech dass t'Leit dir de Numm gin hun.-Violka,firwat wölls du dann nöt fro' a glécklech bei ons sin.

Violka: Well ech verlangren - no hém.Carmen,ech well hém,dohin wo' ech hir kom sin.Dohin wo' meng Eltre sin a wo' ech gespillt hun wé ech nach ganz kleng wor.Deitlech na erönneren ech mech un e gro'sst Haus mat gro'sse Fensteren,e schéne Gart gesin ech viru mir mat ville farwge Blummen.An an dém Gart eng Fra mat hirem Könnchen, - meng Mamm,Carmen.

Carmen: Arem Fröndin!Wé muss du leiden.Du wölls hém,oh könnt ech dir nömmen höllefen.Du wars ömmer so' gutt a le'f mat mir.Du hues mech getre'scht wa mech dé Al,dé nöt

meng Mamm ass,bal hallef do't geschloen huet,du hues deng Kuscht mat mir gedélt wann ech vun Honger bal nöt mé op de Bé stoo konnt.

Violka: Schwätz nöt dovun.Stréch kre'e mir allen zwé genuch.Nach lo grad huet se mech ge schloen,dass mir de Réck nach wé dét an t'Strummen ausgezéchent sin.Lang halen ech dat nöt mé aus.Wann si mech nach eng Ke'er eso schlét lafen ech einfach fort

Carmen: Né,Violka,mach dat nöt,ech höllefen dir.Ech hun eng Idee.Kenns du t'Gräfin Dasso dé nöt weit vun hei an engem schéne Schlass wunt?

Violka: Ech kennen dé.Dolores héscht se,wann ech nöt i'ren.Mé wat wölls de mat hir?

Carmen: E bösschen lues,Violka.Nach ass et nöt eso weit.Awer hoffe kanns de.T'Gräfin ass gutt a mächteg hei an der Ongégend a wann ech se bieden hölleft se ganz bestömmt

Violka: An ech wöll zum le'wen Härgott bieden,dass dei Plang geléngt.Dass si mech endlec erle'st a mech hémfe'ert,hém bei Papp a Mamm,hém a mei Land.(sengt)

Lidd No 2

Carmen: I. So mein Härz fir wat so traureg - A fir wat all Suerg a Wé
T'ass dach schén zu Barcelona - Härz,mein Härz wat félt dir mé

Violka: Wat mir félt? Et félt mir alles - Well ech ganz verlosse sin
Ass't och schén zu Barcolona - Kann't mir dach ni Hémecht gin.

II. An der Friemd,eleng,t'ass schwe'er-Neischt ass schén so wé dohém
O kém endlech dach en Engel - Dé mech se'er fe'ert hém
A meng Mémecht géng ech gären - Duer wo ech gebuere sin
Bei meng Mamm,an hiren Ärem - könnt ech röm zefridde sin.

III. Durch meng Böscher,Wiss a Felder - Lafe könnt ech frei a fro'
Könnt röm lache,sange sprangen - A mein Härz hätt endlech Ro'
Kuck,wann owes d'Klacke lauden - Steng ech uewen op dem Bierg
Könnt mein Dierfchen do bewonn'ren-Hémlech Heiser,t'Scho'l an t'Kirch.

IV. Duerfir wöll ech émol hém nés - Hei kann ech nöt glecklech sin
A mein Härz dat fönnt ké Friddon - Bis meng A'n mein Hém gesin

Carmen: Härz,mein Härz,wat domm Gedanken - T'sin dach alles nömmen Drém

Violka: Dach wa Gott wöllt,hi kann höll'fen - dass ech émol kommen hém.

Carmen: Lo gin ech awer se'er meng Arbecht ferdeg machen,ech muss nach Holz reissen,an da man ech mech op de Wé.Wann de Mond um Himmel stét,dann denk u mech,well da sin ech scho weit iwer Bierg an Dall.

Violka: Carmen,ech hun Angscht fir dech,bedebk wann t'Mumm Wlada en Uecht höllt dass du fort bass.Du wéss,si huet e béist Härz an eng licht Hand.

Carmen: Peh,sie wéss jo nöt wuer ech sin,an du verre'ds mech secher nöt.Hirt bést Härz färten ech net wan ech fort sin,a wan ech eröm sin an si huet eng licht Hand,dann hun ech licht Féss.Dann dröcken ech un,a weise mech nöt mé bis hir Roserei eriwer ass.An elo.le'f Fröndin,dréck den Deimchen,du he'ers geschwönn eröm vu mir.Ech gin elo u meng Arbecht.( of )

5. Opttrött

Violka - Gräfin Bertha

Violka: An ech soll t'Feier richten fir den Owend,sot Mumm Wlada.Da muss ech mech awer dru gin,dass ech nöt nach eng Ke'er de Bockel gedrésch kre'en wann si könnt.(lét Holz op t'Feier ) Ech hu nach genuch vun elo ónescht.Mei Gott,wé ass et dach eso batter eleng a verlo'ss o'ni Le'ft bei bése Mönschen an der Friemd ze sin.Ké Spas mé mecht d'Arbecht,t'Villercher sangen nöt mé so schén,t'Blumen schengen nöt mé so frösch an t'Sonn kann én nöt mé wiermen.T'ass eben nöt dohém.(sengt)

Lidd No 2 - 2.Strof.

da schafft et eröm virun

Bertha: (Könnt während de leschte Wierder vum Lid eran a lauschtert no) Endlech e mönschlecht Wiesen.-Guden Owend sche'nt Kand!

Violka: (erschreckt) Hut dir mech elo erschreckt.Dach wat sicht dir hei?Wé kom dir heihin Wie sid dir?

Bertha: Dat si jo allerhand Froen op émol.Ech wor op der Juegd,mei Kand,an hu mech veriert.Du muss wössen,ech si fir d'éschte Mol hei an der Ge'gend.Ech si fro'dass ech endlech Mönsche getraff hun,well t'Sonn ass um Önnergoen,et wöllt Nuecht gin an da gött et Zeit sech no engem Obdach ömzekucken.Nu so mir,mei Kand,bass du hei dohém?

Violka: Jo,wann én dé Won hei,dat Zelt an de Sölwerturm dé Seit en Hém nenne kann.

Bertha: De Sölwertur sés du?Ass hei an der Noperschaft de Sölwertur?

Violka: E puer Schréck vun hei,wann dir iech hir bei de Won stellt,da könn dir e gesin (Violka weist hir den Turm)

Bertha: (frédeg) De Sölwertur.Endlech um Ziel.Da sin dat hei och secher Zigeiner an du gehe'ers zu hinnen.

Violka: Ganz richteg,dir sid önner Zigeiner geroden.Mé ech gehe'eren nöt zu hinnen.

Bertha: Du gehe'ers nöt zu hinnen.Wé soll ech dat verstoen?

Violka: Ech kann dat selwer nöt verstoen,an dach wéss ech,dass et eso ass,well ech kann einfach nöt fro a nöt glecklech hei sin.

Bertha: Dat hun ech elo grad schon aus dengem Lid gehe'ert.Mé so mol,mei le'ft Kand, mengs du et wier me'glech dös Nuecht hei bei iech ze iwernuechten?

Violka: Nömmen dat nöt.O follecht mir,verlo'sst so schnell wé méglech des Ge'gend.T'Mumm Wlada ass eng be's Fra,dé zu allem fäheg ass.Ech kann iech e Liddchen dervun sangen.Nach elo kurz huet si mech bal hallef do't geschloen well se mech op de Kne'en erwöscht huet,wé ech e Gebied fir meng Mamm verricht hun,dé irgendwo' an der Welt sech bestömmt Suergo mecht fir hirt verlossent Kand.Kuckt mei Réck an dir wösst genuch.

Bertha: (kuckt) Aremt Kand,wat musst du leiden.Wart,ech hun hei a menger Täsch eng Fläschchen mat Lilienueleg.Dat ass gutt an hélt dir deng Wonnen.( Reift him d'Schöller Dat muss awer och eng schro Perso'n sin,fir e Kand so ze schloen.Awer trotzdém muss ech bleiwen a wier se och nach eso schlömm.Kuck,mei Kand,Woche lang sichen ech elo schon nom Sölwertur,endlech hun ech e fonnt,an da soll ech eröm fort, nén,niemols.

Violka: Sicht dir eppes bestömmtes am Söwertur?

Bertha: Jo,mei Kand,ech sichen,ech sichen - en Zigeinermédchen.

Violka: (verwonnert) En Zigeinermédchen?????????

Bertha: Oder villmé e Médchen dat hei bei den Zigeiner beim Sölwertur liewe soll.Villeicht könns du mir dobei behölleflech sin,well secher kenns du dach all Zigeiner hei an der Ömge'gend?

Violka: Vun Närze gären,le'f Fra,dir wart jo och so' gut ge'nt mech.Mé sot,wé hécht dat Kand,dat dir sicht.Villeicht kennen ech et a kann iech soen wo' et ze fannen ass.

Bertha: Sei Numm ass...

## 6. Optrött

Dé Vireg - Wlada - Bianca - Aranka

Wlada : (könnt bei de leschte Wierder aus dem Won.Hannerun hir kommen t'Bianca an t'Aranka) Stés du nach ömmer do ze faulenzen,du lidderecht Steck.An t'Joffer emfänkt och nach Besuch.

Bianca: Et huet et wé et schengt nach nöt verhal.

Wlada : Ech wärt him ophöllefen.( lues zum Bianca ) Wie soll dat sin dén do bei him stét

Aranka: Wat soll dé hei sichen?

Bertha: Gudden Owend,le'f Leit.

Wlada : (kurz gebonnen) Wie sid dir!Wat wöll dir hei?Kuckt,dass dir fortkommt.

Bertha: Ech wollt froen,op ech dös Nuecht bei iech iwernuechte könnt.Ech bezuele gutt!

8. Optrött

Vireg - Violka - Dann Bianca an Aranka

Bertha:(nom Danz) Bravo Kanner.Dat wor e schénen Danz,dé wor e puer Goldstécker wert. (werft se önner se.T'Zigeinerinnen falen driwer hier.An dém Ableck gét de Mond op a werft sei sölwregt Licht iwer t'Bühn)

Wlada :Ah,do kösst de Mo'ndschein dén alen Turm dén se hei an der Ge'gend de Sölwertur nennen,well sein Dag wé Sölwer glönnert.wann de Mond seng Straheln driwer spaze'r. fe'ert .Dat Bild musst dir gesin.Kommt Kanner,mir weisen onsem Gascht dat wonnerbart Bild.

Wlada,Bertha an Zigeinerinnen stellen sech all lenks an t'Kulissen a machen wé wann se den Turm bewonnere ge'fen.

Violka:(opgeregt vu rechts) Wat hun ech he'eren.Si wöllen dé le'f gutt Fra bestielen.Soguer ömbrenge wöllen si se,hun ech t'Aranka he'eren soen.Am Sölwerturm wöllen si. nén,ech darf nöt drun ze denken.Dat darf nimols gesche'en.Ech muss et verhönneren Ech muss si warnen,awer wé?Wat kann ech machen ge'nt si alleguer.-Si war so gutt gént mech,huet mir meng Wonnen ausgewäsch a mir Tro'scht zogesprach.Oh,wé drolech ass et mir dobei gin,wé wann ech dé Stömm schon émol gehe'ert hätt.O gude Gott am Himmel,si därf nöt stierwen,o rett se aus den Hänn vun döse be'se Mönschen dé hir hirt Härzblutt stiele wöllen.(T'Bianca könnt eran)

Bianca:Do stechs de jo.Wé ass et,hues de alles an t'Rei gemacht?

Violka:T'ass alles berét.

Bianca:Da verschär dech,mir können dech elo hei nöt gebrauchen.

Violka:(ängstlech fir sech) O le'f Muttergottes,sté mir bei.Loss dat schrecklecht nöt gesche'en.Höllef mir dé gut Fra retten (se'er of)

Bianca:(Dat um Lagerfeier geschafft huet) Aranka,komm,mir mussen t'Feier ufänken.

Aranka:Hei sin ech jo schon ( Si fänken t'Feier un.Beng.Feier)

Wlada a Bertha kommen eröm eran.T'Zigeinerinnen machen zu zwo' Seite Spale'er a lossen s( derdurch.

Wlada :Huet der gesin wé onsen Turm am Schein vum Mo'nd geglönnert huet.

Bertha:Dat wor wirklech sche'n.Et huet geschengt wé wann dé ganzen Tur aus purem Sölwer wir.Elo verstin ech firwat hien de Sölwertur genannt gött.

Wlada :A nu kommt,meng Pöppercher,danzt der Dam nach eppes vier an da gét et se'er an t'Stré (zum Bertha) Dir musst wössen,am Schein vum Lagerfeier sin ons Dänz besonnesch sche'n.

(T'Zigeinerinnen danzen eröm no der Melodie wé am 7.Optrött.Während de leschten Täkt danzen si zur Bühn eraus.T'Bianca an t'Aranka hun dös Ke'er matgedanzt a gin och mat of.)

Wlada :Da kommt,losst mer iech ert Löer weisen an da macht dir iech et kammo'd so gutt w. méglech ( mam Bertha of )

9. Optrött

Tossa a Lisa

T'Bühn bleiwt e Moment eidel,da kommen Tossa an t'Lisa vu rechts.

Tossa :Lisa,mir schéngt wé wa mir endlech an t'Noperschaft vu Mönsche ke'men.

Lisa :Mir schengt et och eso,Baronesse,a villeicht fanne mir hei meng Méschtesch no der mir elo schon zwo' geschloener Stonnen sichen.

Tossa :Et ass ower och ze domm.Mir hätten si nöt eleng därfe fort ze goe lossen.Hannen um Enn huet se sech veriert a wé licht kann engem an dösem frieme Land eppes passe'eren.

Lisa :Loss mer alt nöt direkt dat schlömms hoffen,an dach,wann ech eso rondöm mech kuck. da gött et och mir nöt ganz geheier.

Tossa :Dass ech mir awer och grad hu missen de Fo'ss verstauchen!

Lisa : Meng Méschtesch hätt och alt könne warden an e bösselche mé lues mat ons viru goen.Awer nén,si wollt onbedengt nach virun der Nuecht beim Sölwerturm sin.

Tossa : Meng gutt Fröndin,a wuer gi mir se ele sichen.

Lisa : Do ass gudde Rot deier.

Tossa : Soll da ké Mönsch dorömmer sin,dén én öm Ro't könnt froen,a wan en och nach so' deier wier.Mir mussen önner allen Oemstänn t'Gräfin erömfannen.

Lisa : Majo,well si huet t'Kart bei sech,an o'ni dé fanne mir ons hei nöt mé zurecht.

Tossa : Wösste mer we'negstens wo' mer hei dru sin.-

Lisa : Loss mer ons emol e bösselchen ömkucken.-Wat stét dann do fir e Kirmeswe'n.Mei Gott,mir sin dach secher nöt önnert Reiber gefall.O Baronesse,mir get et op émol so' Angscht.

Tossa : Färt neischt,Lisa.Onser Härgott le'sst dé nöt am Plang dé op hien heffen.Kuck,och meng Fröndin Bertha vertraut him ganz an hofft,dass hien hier enges Dags hirt verluerent Kand röm z'reck an d'Aerem fe'ert.Duerfir därfen och mir nöt verzo'en.

Lisa : Vu Verzo'en gét och nach keng Ried,iwer e bösselchen Angscht hun ech dach.

lo. Optrött

Vireg - Carmen

Carmen: (könnt erageschlach a kuckt onsecher no alle Seiten)

Lisa : Baronesse,endlech eng lieweg Se'l (weist op t'Carmen)

Tossa : Guden Owend,Joffer.

Carmen: (erschreckt) Wat sicht dir hei? Wie sid dir?

Tossa : Färt nöt,mei Kand,komm roeg mé no,mir din dir neischt.

Carmen: Wat wöllt dir vu mir?

Tossa : Du solls ons nömme soen wo' mir hei dru sin,an op nöt vir kurzem eng Damm hei passe'ert ass.Mir haten zesummen en Tour an t'Bierger gemach an hun ons verluer.

Carmen: Ech hu ké gesin,well ech wor bis elo am Bösch an hun Holz erbei geschléft.

Tossa : Wunns du hei an der Noperschaft?

Carmen: Mir sin Zigeiner an ons Band leit beim Sölwertur.O,dir le'f Leit,wann ech iech e Ro't ka gin,dann halt iech nöt lang hei op,well t'Mumm Wlada ass eng be's Fra.

Lisa : Oem Gottes Wöllen,Zigeiner!

Tossa :Beim Sölwertur sés du?Lisa,huet nöt démols dé Al och am Schlass bei menger Fröndin vun dém Tur geschwat,a vun Zigeiner bei dénen e Médche wier dat um Hals eng Ketten drét mat enger Réschen so wé hier.(zum Carmen) O Médche,so mir.....

Carmen: Dir le'f Leit,ech ka mech nöt weider ophalen.Follecht mir a macht iech och ewech ir t'Mumm Wlada könnt.Avoir,ech muss goen,ech hu nach e weide Wé.

Tossa :Eng Minut nach.Wohin dann eso se'er?

Carmen: Ech muss bei t'Gräfin Dasso op hirt Schlass,ech hu menger Fröndin et versprach Dat aremt Kand wöllt hém,hém a sei Land a nömmen t'Gräfin Dasso kann him höllefen.

Tossa : Vu wém schwätzt de?Vun enger Fröndin dé hém wöllt.Wohin,wo' ass hat dann dehém. An Ungarn?

Carmen: O nén,an engem ganz anere Land.Wo' wéss ech nöt.Ech wéss nömmen dass et schrecklech verlangert,so wé nömmen e Kand no senger Mamm verlangere kann.

Lisa : O Baróness huet dir gehe'ert,könnt dat nöt.....

Tossa : Lisa,meng Ahnong.So mol,mei Kand,wo wunt dé Gräfin vun ders du schwätz.Ass et nach weit bis dohin?

Carmen: Et sin ömmerhin nach zwo' Stonnen Wé an duerfir muss ech mech eweg machen wann ech nach virum Dag eröm wöll sin.

Tossa : Lisa,wat mengs de wa mir mat dém Kand ge'fe goen a mat der Höllef vun der Gräfin, wé war scho mé hire Numm?

Carmen: Dasso,Dolores Dasso.

Violka : Mumm Wlada,dé Damm war op der Juegd an huet sech veriert (zur Bertha) entschöllegt hirt rauht Wiesen.

Wlada : Hal dei Mond,domm Gäns,a schwätz wanns de eppes gefrot göss (zur Bertha) Dir wöllt also hei iwernuechten.A soss neischt.

Violka : T'gött se'er deischter - a si ass friem.O losst se hei!

Wlada : Wölls de dei Mond halen.

Bianca : Mir könne keng Gäscht gebrauchen,mir hu selwer neischt.

Bertha : Ech bezuelen iech d'Stré mat Gold.

Wlada : Mat der ..(ho'scht) mam Mond,wé?

Bertha : Dir huet eng göfteg Zong.( werft e Goldstéck dohin) Dann do.

Wlada : Oho,dat ass eng aner Sach ( weist dénen aneren et) Kuckt hei,Kanner,Gold,richteg Gold.Huet dir dors nach mé?

Bertha : Bescheide sid dir nöt.Mé ech sin lo um Ziel,ech sin no beim Sölwertur an dat le' mir t'Härz mé héch schloen an do soll et mir op e puer Goldstécker nöt ukommen. Dann do (gött hinnen der nach e puer)

Wlada : (hölt se giereg) Dank,o dausend Dank,gut le'f sché Fra.T'Mumm Wlada mecht iech e Léer zurecht,wé dir iech e bessert kaum denke könnt.

Aranka : Samett a Seid gött et awer nöt bei ons

Bianca : An och kén Divan a ké Fiederbett.

Bertha : Durop le'en ech och ké gro'sse Wert.Wann ech mech nömme niderlée kann fir e bösschen ze raschten.A wann ech dann nach e Maufel z'Iessen an eppes ze drenken könn hun,da wir ech gären zefridden.

Wlada : Wé dir et wöllt hun,so' soll et gesche'en.Mir sti ganz zu èren Dengschten (zum Violka) He'er du do,gé gehei eng Bott Stré an de Sölwerturm a mach der Damm e Léer.Lé och e Bro't dohin a stell e Kro' frösch Wasser derbei.-An dat e bössche vif,soss machen ech dir Bén.

Violka : ( werft nach e Bléck op t'Bertha,dann traureg of )

Bertha : Wann ech elo nach e bössche Wasser könnt hun fir mir de Stöps aus dem Gesicht ze wäschen.

Bianca : Gitt nömmen duer bis hanner de Won,do spruddelt eng Quell an dir hut Wasser so vill wé dir wöllt.Kommt ech gi le'wer mat iech a weisen iech t'Platz (dé zwé of)

Aranka : Huet der hire Portemonni gesin,Mumm Wlada?Voll bis uewen hin.Dé musse mer kre'en

Wlada : Loss dat meng Suerg sin,Aranka.Si schléft dös Nuecht am Sölwerturm,an dann...

Aranka : Wann si da schle'ft,krope mir ons hire Portemonni.

Wlada : Ganz recht,mei Kand.

Bianca : (könnt eröm eran) Wat ass dat do eng domm Pöll.Elo stét se bei der Quell a sturk an engem Stéck eriwer op de Sölwerturm a grommelt dobei:Beim Sölwertur vu Barcelona,do soll et sin,so so't dé Al.-Ech mengen dé huet eng Schrauw lass an ass nöt recht bei Tro'scht.

Wlada : (erschréckt) Wat sés du do? Da wier dat do jo hannen um Enn - jo dann ass dat de bestömmt dé Gräfin dé ech durch t'Milka heihi lackele geloss hun.Kanner,dé darf ons nöt entwutschen.

Aranka : Eleng scho we'nt dém geföllte Portemonni

Bianca : An dann ere'scht dat Gold a Sölwer wat se un sech hänken huet.

Wlada : Nöt eleng duerfir.Mé dat verstitt der nöt.

Aranka : Mir verstin nach ze gutt.Dat ass e Fank,wé mir scho lang ké mé gemacht hun.

Violka : ( wöllt erakommen,bleiwt verwonnert stoen wann et dé drei geseit)

Aranka : A wann si et nöt gutwölleg gött,dann huet hir lescht Stonn geschloen.

Bianca : Wölls du se ömbrengen?

Aranka : Da muss se eben stierwen.

Violka : (lues) Mei Gott! (dann of)

Wlada : Blär nöt so,domm Gäns.

Aranka : Hei elei si,et mengt én si hätt t'Geld schon an der Täsch.

Wlada : Soll ech dir de Mond stoppen,du frecht Gesicht (hét no him) Du wéss,wo t'Mumm Wlada hinhét,do spiert én et nach ve'erzeng Dég duerno.Fro mol t'Violka.

Bianca : Reiz se nöt,Aranka.Si ass schlecht gelaunt.

Arnaka : Well mir och wössen,dass dé Friem reich ass.Dé al Hex hätt secher gären alles eleng gehat.

Wlada : Domm Stécker,dé der sid.Wa mir öppes zesummen önnerhuelen,dann déle mir och zesummen.So wor et jo nach ömmer de Gebrauch.A nu lauschtert mei Plang.Mir sin elo le'f a fröndlech zu der Friemer,fir dass se sech secher bei ons fillt.Wann dé aner dann hém kommen,losse mir se danzen,vleicht können si sech eso e puer Goldstécker verdengen an dé Friem mengt da secher mir gengen ons neischt schen ke lossen an onst Geld op dé Mane'er verdengen.Wann se dann ower am Turm leit, an si schléft,dann...

7. Optrött

Dé Vireg - Bertha - Zigeinerinnen

Bertha : Do wäre mer eröm.Ei wé dat erfröscht,dat Quellwasser.T'ass e Genoss fir t'Hänn a firt Gesicht.

Wlada : An e Genoss fir t'An an d'Oren bidde mir iech elo.Nömmen bedenkt,mir sin arm Leit dé soss kén Akommes hun wé dat wat si sech mat Danzen a Sangen verdengen. Wann der ärem gudden Härz e klenge Sto'ss wöllt gin,wan se elo virun iech danzen.Fir eso e klinzegt Goldstéckelchen wieren si iech e'weg dankbar.- A nun, Aranka,gé kuck op dé aner eröm sin a breng se gleich mat heihin,dass se onsem le'we Gascht eppes virdanzen.

Aranka : (of)

Bertha : (rifft him no) Brengt och dat le'wt Médche mat,dat ech als e'scht getraff hun wé ech hei ukom sin.

Bianca : Dat muss ert Iessen an ere Léer an t'Rei machen.Ech gi le'wer emol kucken,op et nöt eröm faulenzt.

Bertha : (zur Wlada) Wé héscht dat Médchen?

Wlada : Wat fir engt mengt dir?

Bertha : Ma dat dir fortgeschéckt huet fir mir mei Léer an t'Rei ze machen.

Wlada : O dat,dat ass eng domm Popp.E lidderecht Dengen.Et gehe'ert eigentlech nöt bei ons.Hat könnt nöt aus der Pussta.Aus engem frieme Land hu mier et matbruecht wé et nach ganz kleng wor well seng Mamm gestuerwen ass a sei Papp et nöt bei sech wollt hun,well hien sech eröm bestuede wollt.

Bertha : Ganz kleng sot dir wier et gewiescht wé dir et bei iech geholl.O sot mir,vu wo' huet dir et matbruecht?

An dém Ableck he'ert én hanner der Bühn Tamburingerassel,ruffen a jeitzen: Hei,hei,loss mer danzen,loss mer sangen) T'zigeinerinnen föllen d'Bühn oni Bianca an Aranka

Wlada : Do sin se jo schon,meng Hiesercher.Si wöllen danzen a löschteg sin,wöllen der feiner Damm eppes virdanzen.Dajé opgepasst,danzt,danzt a sangt,sid fro' alöschteg.

Zigeinerinnen stellen sech während dem Virspill vum Ballet op hir Platzen fir de Ballet. Bertha sötzt sech lenks.Wlada stét rechts a klappt während dem Danz an t'Hänn.Zigeinerinnen danzen a sangen

Lid vum Ballet.

Tossa : Nuja,mat der Höllef vun der Gräfin Dasso kéme mir dann eröm a gengen hei mol nokucken wé dé Sach mat dém Kand stömmt.

Lisa : Et wier jiddenfalls dat Bescht,Baronesse,well eleng könnte mir dach nöt vill ausrichten ge'nt dé ganz Band.

Tossa : So mol,klengt Zigeinermédchen,giffs du ons mathuelen bis bei t'Gräfin Dasso.

Carmen: Vun Härze gär,gitt roeg mat,dass der nömmen hei eweg kommt.T'Gräfin ass t'Gutthét selwer a si hölleft bestömmt,dass dir dé dannt dé dir sicht.

t'Klacke fänken un ze lauden

Carmen: Losst ons elo och nach eng Minutche warden,an e klengt Gebied verrichten,dass onser Härgott ons sei Ség e mat op de Wé gött

Lisa : A wo' lauden elo op émol dé Klacken mötten an der Wöldnes.

Carmen: Do önnen am Dall stét e Klo'schter mat fromme Patren an dé bieden elo den Angelu

Tossa : Da lo'sst och mir nidderkne'en an e stöllt Gebied verrichten.

Lid No 3

Carmen - Tossa - Lisa

Le'wen Härgott op de Kne'en - T'Härz voll No't an Traueregkét
Sötze mir hei,dé erhe' ren - Onst Gebied an onsem Léd
Du eleng,du kanns erföllen - Onse Wonsch an onser No't
Du eleng kanns t'Hoffnung stöllen - Onsen Hierzer schenken t'Ro'

Refrain: O Himmelspapp du Tro'scht vun allen
Dé arem a verlosse sin
O Himmelspapp,dei Luef soll schalen
Durch Länner,Welten,Zeiten hin!

Nom Lidd lauden t'Klacken an iwerdém wo t'Klacken lauden fällt de Rido

R I D O

## III. A K T .

Am Sölwertur vu Barcelona dé Nuecht nom 2.Akt gént de Muergen.Am Fong eng Gitterdier hanner dér eng Fielselandschaft am Mo'ndschein leit.Vun der Dier fe'ert eng Trap op t'Bühn.Lenks eng vergittert Fenster,rechts e Léer mat Stré an Decken.

1. Optrött

Aranka - Bianka - mé spét Violka

Aranka a Bianka kommen Trap erof.

Aranka: Dé deischter Nuecht passt gutt zu dém wat mir wölles hun.

Bianca: Des Nuecht also nach soll et gesche'en.

Aranka: Gewöss dat.An ech mengen dat Bescht wir wa mir se direkt ömbrengen.Giffe mir se nömmen bestielen,da könnt si ons nach am Enn beim Gericht verkloen a mir könnte iwert d'Grenz gedriwe gin.Ass si ower stomm,da kann si nöt mé kloen.-Et ass jo kén dé wéss,dass si hei bei ons ass,et gét also ganz gutt.

Bianca: Si könnt aus engem frieme Land.Ké Mönsch kennt si hei.Si sét jo selwer,dass si sech verirt hätt.

Aranka: ( lacht ) Verirt ass gutt gesot.Si huet sech esó verirt,dass si sech sei Liewen nöt mé eröm fönnt.Lieweg nöt mé.

Bianca: T'ass ower nöt recht,was du wölls machen.

Aranka: Geck,déns de bass.Recht hin oder hir.Bedenk wat um Spill stét,Gold,Gold a Sölwe den Asatz.

Bianca: Der Mumm Wlada musse mer awer op d'Fangeren kucken wan et iwert Délen hirgét-

Aranka: Dé al Hex hätt am le'fsten alles fir sech eleng gehat.Wann si sech eleng getrau hätt,dé feig Kreatur.So' awer muss si ons hun.An duerfir muss an 3 gedélt gin.

Violka luest bei der Fenster.

Bianca: Et gef elo bal Zeit, dass de Al mat onsem Gascht kém. Et ass schon zimlech spét. Dé mussen en alen Emwé gemacht hun, soss missten si dach scho lang hei sin.

Aranka: Dat ass fir Zeit ze gewannen, Bianca. Dé Al wollt secher sin, dass mir zur Zeit hei wieren an ons onbemierkt verstoppe könnten bis si ons brauch fir onsem noble Gascht dée leschte Sto'ss ze gin.

Violka : (dét e luose Krésch)

Aranka : Wat war dat?

Bianca : Ass én do? ( léft Trap op )

2. Optrött

Bianca : ( zitt Violka eran ) A wat mechs du hei, du falsch Katz.

Aranka : Wat kréchs du hei erömmer mötten an der Nuecht.

Violka : Frösch Wasser brengen ech fir dé Fra.

Aranka : Dann tommel dech alt e bösschen. ( Violka stellt de Wasserkro')

Violka : ( zum Aranka dat Messer nach an der Hand huet ) Aranka, wat wölls de mat dém Messer machen. Ass et da wirklech wo'er, dass dir der friemer Fra un d'Liewe w[illegible]t?

( Dé zwé lachen )

Aranka : Du domm Gäns. Wo kanns du so eppes denken. (stecht Messer eweg) Fir ganz schlau hun ech dech nach ni ugesin, elo gesin ech ere'scht wé domm dass de wirklech bass.

Bianca : Ma du bass zeideg fir an t'Geckenhaus.

Violka : Oh, verstellt iech nöt. Ech wéss scho wat dir plangt, dir an t'Mumm Wlada.

Aranka : Blär nach e bösselche mé hart, dass t'Mumm Wlada dech he'ert. Du hues jo och well lang keng mé gedunnt kritt.

Violka : O ech bieden iech, losst dé gutt Fra goen. Si huet ech jo neischt zu Léd gedoen.

Bianca : Was du en dommt Getotz do fe'ers.

Violka : Lauschtert dach op mech a lued keng so eng schwe'er Sönn op iech. Kuckt, dé Fra huet iech jo schon so vill gin a secher gött se iech nach vill mé wan si röm for-gét. Duerfir losst se goen, si ass dach so le'f a gud. O hieft dach Erbarmen le'f Schwesteren.

Aranka : Muss ech der da wirklech dein domme Mond stoppen, dann do (schlét him eng) Da bekömmers de dech nöt em Sachen dé dech neischt ugin.

(Hanner der Bühn lues d'Lidd vum Ballet)

Bianca : He'er, ech mengen si kommen.

Aranka : Da loss mer ons verze'en.

Bianca : An hat hei?

Aranka : Dat ka machen, dass et geschwönn vun hei sech verdreckt huet an op sei Strésack könnt. ( zum Violka ) Hues de dat gehe'ert.

Violka : ( wenkt traureg jo )

Aranka : A nu komm Bianca, loss mer goen bis mer gebraucht gin.

Violka : ( rifft hinne no ) Aranka nöt, dré öm - ze spét (fällt zesummen)

3. opttrött

(Während döser ganzer Szen göt hanner der Bühn lues d'Lid vum Ballet viru gesongen)

Violka : (Richt sech schwe'er op) O wier dach alles nöt woer wat ech gehe'ert a gesin hun... dach, dénen drei ass alles zozetrauen. Dé hu kén Härz am Leif. Elo wärt de arem Fra geschwönn hei sin, an dann-....... (hält t'Hand op t'Härz ) Wé klappt mein Härz wann ech nömmen drun denken. Fir wat, fir wat? Et ass dach eng friem Fra de mech eigentlech neischt ugét. An do ass eröm mein Härz wat schwätzt, si ass mir guer nöt friem. Wé se mech bekuckt huet du war et mir wé wan dé An schon oft voll Le'ft op mech gekuckt hätten, wé se mat mir geschwat huet, hun ech gemengt ech hätt dé Stömm schon oft gehe'ert. -Wien ass si? Wat hun ech mat hir ze dun?

Hannert der Bühn he'ert én t'Stömm vun der Wlada.

Violka: Elo göt et Zeit.Schlof gut op desem harde Léer,du gut Fra.O könnt ech der en Engel aus dem Himmel huelen fir bei dir ze wachen.(lauschtert)Dobaussen gött et roeg.Ech muss fort(of)

4. Optrött

Wlada - Bertha

Wlada : (licht dem Bertha Trap erof)
Bertha :(le'sst sech op e Stéblock nidder) Ech si wirklech mid gin.
Wlada : Nöt bés sin Madam dass ech iech eso e weide Wé gefe'ert hun.Ech wollt iech nömmen t'Schénhéten vun der Ge'gend am Schei vum M ond weisen.

Bertha: Verstitt mech nöt falsch,ech sin iech jo so dankbar fir alles.
Wlada : Gitt mer ewech,dir sid secher besseres gewinnt.Nömmen mir sin eben arm a mir mache wat mir können.Wé hun iech dann ons Dänz gefall?

Bertha: Dat muss ech soen.Nach sélen hun ech so schén danze gesin a sange gehe'ert wé hei bei den Zigeinerinnen vu Barcelona.Nömmen ech hun ént derbei vermösst.Dat Kand dat ech den Owend als e'scht am Lager getraff hun,an dat nöt zur Band gehe'ere soll wé dir mir gesot huet.Dir wollt mir jo och nach zielen wé et bei iech ko'm.

Wlada : Muer,le'f Fra.Fir haut ass et schon ze spe't.Ro't iech fir t'escht aus a muer zielen ech iech dann der Blimmchen hir Geschicht,wann se iech iwerhapt interesse're sollt.

Bertha: Vleicht mé,wé dir mengt! Dajé,bis muer de Muergen dann.Gudde Nuecht.
Wlada : Dat selwecht wönschen ech iech (of.Op der Trap dre't si sech nach eng Ke'er öm) Dé Ke'er schléfs de fir lang,dorop kanns de dech verlo'ssen (verschwönnt)

5. Optrött

Bertha - Violka
Bertha : (sötzt um Stéblock a steipt de Kapp a t'Hand) stét dann op a gét bei d'Fönster) Eng wonnerschén Nuecht,den Himmel voll Stéren,de Mo'nd lacht mir zo' an am Härz eng hémlech Ahnong gedroen vu stöllem Hoffen(Könnt op d'Mött vun der Bühn) Wann dat Kand dat hei bei den Zigeiner liewt,dat keng Hémecht a keng Elteren huet,wann dat Kand mei Rosallie,nén,et kann dach bal nöt sin,dat wier ze vill e gro'sst Gle'ck.Nach e bösselche Gedold,mein Härz,muer musse mer Gewösshét hun.(sötzt sech eröm)Wé sin ech ower so mid.Ech behale bal kén A mé op.An trotz dém muss ech ömmer un dech,le'ft Kand denken.Mé wann ech elo och nöt mé un dech denke kann,da wöll ech vun dir drémen.Den Härgott wöll ech bieden,dass hien och dir so schén Drém sche'cke soll.Schlof gud,du le'ft,le'ft Kand (entschle'ft)

Violka : (luesst eröm bei der Fönster a sengt lues)

| | | |
|---|---|---|
| Lid No.4 | Guden Owend,gut Nuecht | - Dausend Stèren hale Wuecht |
| | Mat dem Mo'nd um Himmelszelt | - Ro' a Fridd könnt iwer Welt |
| | Dach mein Härz fönnt ké Fridd | - Voller Angscht klappt et mir |
| | Wier ech och nach so mid | - Wachen ech dach bei dir. |

Violka : (nom Lidd) Halloh,Madame,erwächt a lo'sst iech warnen.Iech dre't Gefor (kleng Paus) Si he'ert mech nöt.Ech muss hir mé en deitlecht Zéche gin (werft e Sténche bei t'Léer)

Bertha : Wat sin ech elo erschreckt.Ass én do?
Violka : Hei kuckt hei erop.
Bertha : Wie bass du? Wat wölls du vu mir? (gét mé no bei t'Fönster)Gesin ech recht? Du bass et,dat Klengt vun haut den Owend.
Violka : Ech wöll iech warnen.Dir sid a Gefor!
Bertha : Majömmen,a wie soll mir dan eppes din?
Violka : Oh gléft et mir,èrt Liewen ass a Gefohr.
Bertha : Du hues gedrémt,mei Kand.Du mechs dir ömsoss Suergen fir mech.
Violka : Nén,o nén,he'ert dach op mech.Ech wéss et bestömmt.Si si berét iech ze bestielen a wann et muss sin iech och nach de leschte Sto'ss ze gin.

Et peift hanner der Bühn)

Violka : He'er dir,do kommen se schon.Ech muss goen,ech muss mech verstoppen.

Bertha : (nodenklech) Dat do könnt mech gelunge vir.Soll dat woer sin wat dat Kand mir do gesot huet.Ma da wär ech jo önnert Reiber gefall.(gét Trap erop a rappt un der Dir) Mei Gott,Dir ass zo'.Wé gött et mir so' drølech.Ech mengen ech kre'en et so lues dach mat der Angscht ze din.Gut dass ech mei Messer bei mir hun.A wann et da muss sin,nu gut t'Bertha vu Saaleck wéss sech och nach ze wieren.

(t'peift eröm hannert der Bühn)

6. Optrött

Bertha - Aranka - Bianca - Wlada - spe'der Violka

(Bertha zitt sech an en Eck z'reck)

Wlada : (uewen hanner der Dir) T'ass alles roeg.
Aranka : Ech mengen si schle'ft schon.
Bianca : Desto besser,vleicht brauche mer ké Messer.
Wlada : Allé hopp,virun.

Dé drei komme lues Trap erof.

Bertha : (trött hinnen entge'nt) Halt ké Schrack weider.
Aranka : Si huet nach nöt geschlof!
Bertha : Wat ass da lass? Wat sicht dir hei?
Bianca : Dong uecht si huet e Messer an der Hand!
Wlada : Wat héscht hei Messer.Mir drei ge'nt én.Drop soen ech.

(Dé drei wöllen iwer t'Bertha hirfalen)

Bertha : Z'reck,wann iech ert Liewe le'f ass.
Wlada : Da gitt gutwölleg eraus ert Gold a Sölwer wat dir bei iech huet.
Bertha : Ass dat alles,ech hätt iech fir mé anständeg gehalen.
Wlada : Stopp hir de Mond,Aranka,allésto'ss zo'
Aranka : Vergiesst nöt,dass ké Mönsch iech hei kennt an dass kén Hun mé no iech kre'nt wa mir iech elo erledigen.
Wlada : Duerfir eraus mam Gold a mat all dénen anere Sachen.
Bertha : Wann dat iech duer gét fir engem Mönsch t'Liewen ze huelen...
Wlada : Dajé,Aranka,sto'ss zo',du geseis jo,dass si dach nöt wölles ass
Aranka : Si wöllt et also nöt anescht hun.Si soll bedenken,mir sin zu drei.
Bertha : Dén éschten,dé mir ze no könnt,dén tröfft mei Messer.
Bianca : Git ons dach ert Geld,well t'Nuecht ass roeg,dir sid eleng t'ass kén dé no iech frét.
Bertha : An onser Härgott dann?Mengt dir hie giff dat ongestroft gesche'e lossen.
Wlada : Wat leit ons um Härgott,wa mir o'ni Suerge liewe können.
Bertha : Schummt iech eso ze schwätzen.
Wlada : Elo ass et de's grad genug.Sche'ck se an t'Häll,Aranka,oder göff mir t'Messer wanns du fèrts.
Aranka : (wöll) Nén eweg,si sief...
Violka : (könnt bei déne Wierder Trap erofgelaf a werft sech zwöschent Aranka ant Bertha a fänkt de Sto'ss mat der Schöller op) Le'f Muttergottes,sté mir bei. -- Aranka nöt---- (fällt dem Bertha an t'Ärm.Zu gleicher Zeit kommen uewen op der Trap als e'scht Carmen,dann Gräfin Dasso,Lisa,Lola an Dengerschaft aus dem Schlass Dasso
Wlada : Heut dat och elo grad nach misse kommen.

7. Optrött

Vireg - Carmen - Tossa - Gräfin Dasso - Lisa - Lola an Dengerschaft aus dem Schlass Dasso

Tossa : (rifft) Bertha - Bertha.

Wlada : Verrot,Verrot.Onst Spill ass verluer.

Bianca : Loss mer ons retten.

(Carmen,Tossa sin an der Zeit bei t'Bertha a t'Violka gelaf;op der Trap versperren Lisa a Lola dénen drei Zigeiner de Wé)

Lisa : Halt,heigebliwen.
Wlada : Krenondirjupp,op t'Seit.
Lola : Oho,Giedel,alt e bösselchen lues.

( Während der Zeit huet Tossa a Carmen sech öm t'Violka beme't dat ömmer nach an dem Arem vum Bertha leit.Dengerschaft huelen dé drei Zigeiner an t'Mött a fe'eren se z're op t'Bühn.Carmen höllt Violka an t'Ärm während Gräfin Dasso,Tossa a Bertha zesumme schwetzen.)

Carmen: Violka,Violka,meng le'f Fröndin,da kuck dach.
Bertha: Dat war Rettong a leschter Minutt.
Tossa : Bertha,ass dir neischt geschitt?Bass de nöt verwonnt?
Bertha: Nén,et ass nach gut gangen,awer dat aremt Kand do hun se mam Messer getraff.
( Bertha,Tossa a Gräfin Dasso kucken eröm nom Violka )

Dasso : Et le'ft jo Blutt vun senger Schöller.Loss mer mol kucken (mecht Schöller frei)

( Dé drei Zigeiner wöllen sech lasrappen)

Lisa : Hé,hé,heigebliwen,so weit si mir nach nöt!
Dasso : Losst se nöt entwutschen.Mat dénen rechne mir nach of.
Tossa : T'ass Gott sei Dank nöt schlömm,t'Messer huet t'Schöller nömme gestreift.
Bertha: ( geseit t'Ketten um Hals vum Violka) Oh,Tossa,wat ass dat?Fir t'zwétemol gesin ech hei dé Schöller an elo ere'scht gesin ech...dé Ketten,Tossa...dé Re'schen.. t'ass dé vu mengem Kand.Dré se se'er öm a kuck nom Buchstaw.
Tossa : (kuckt no) Wier et méglech,t'ass en R!
Bertha: (e Krésch) Rosa,Rosalie mei Kand ---also dach----mei lang verluerent Kand,du hu mir d'Liewe gerett.

Violka: (schlét d'Aen op) Wo' sin ech?

Bertha: (Ganz douce) An den Ärm vun denger Mamm,mei Kand.

Violka: Meng Mamm,wé schén. (geseit Carmen) O Carmen,wé schén,wé hun ech so schén gedrémt.Ech hätt meng Mamm erömfonnt a wier eröm dohém.

Tossa : Et ass kén Dram,t'ass Wirklechkét,do ass deng Mamm.

Violka: Dir le'f Fra? ( verwonnert)

Bertha: Jo,mei Kand,et ka bal nöt anescht sin,well du drés dé gölde Re'schen am Hals, un dér ech mei Kand och um Enn vun der Welt erömkannt hätt.
Wlada :(Dé gespant nogelauschtert huet) A wann et se da fonnt hätt?

Dasso : Halt ere Mond,èren Tour könnt ere'scht.
Violka: Dir,dir meng Mamm.Dat also ass et wat mech zo' iech gezun huet (glécklech)Meng le'f Mamm!
Bertha: Ech hun et och gespiert,mei Kand,ech sin so' glécklech,dass ech dech endlech erömfonnt hun.(dreckt et u sech a kuckt him an t'an) Jo,jo,du bass et,du bass me Kand.Mei Gefill bedritt mech nöt.So roeg du zu mir,mei Kand.

Violka: Mamm... Du ...(kleng Paus)
Dasso : (zu dénen drei Zigeiner) An elo könnt èren Tur.
Tossa : Eng Minut nach,Gräfin,entschöllegt,wann ech iech elo erscht menger Fröndin,der Gräfin Bertha vu Saaleck virstellen.
Dasso : Scho gutt (streckt dem Bertha t'Hand entge'nt)Mei Num ass Dolores,Gräfin Dasso. Wöllkomm am schéne Spunien,Gräfin.
Tossa : Mat hirer Höllef,Bertha,si mir nach grad zur Zeit hei ukom.
Bertha: Das schén vun iech,Gräfin,an ech danken iech vu ganzem Härzen.
Dasso : Nöt mir gehe'ert den Dank.Nén,dém arme Zigeinermédchen do,dat hémlech an der Nuecht dé weide Wé bei mech op t'Schlass mat erer Fröndin gemacht huet fir iech ze retten.
Bertha: Wé kann ech dir jémols danken,kleng Zigeinerin.
Carmen: Ech bieden,le'f Madame,ech hun dat gär gemacht fir - mei Violka.Him wollt ech eigentlech höllefen.
Bertha: An du bass zum Gléck gin fir ons alleguer.Ech wärt dech reich belo'nen.
Dasso : An elo dir drei....(zo' den Zigeinerinnen)
Mumm Wlada fällt op t'Kne'en)

Wlada : Barmhérzegkét,le'f Gräfin,sid barmhérzeg a verzeit...
Dasso : Bekenn dir iech schölleg fir dat wat hei virgefall ass.
Wlada : (krecht op de Kne'en) Barmhérzegkét -
Dasso : War dir barmherzeg mat déne Leit hei.Dir hut e gefe'erlecht Spill gespillt.Ert Spill ass aus,lo könnt den E'scht.

Wlada : Mir si nöt....
Dasso : Dir sid nöt schölleg,wöllt dir soen.Dir wöllt also och nach le'en.Stét hei nöt de beschten Zeien fir er Gaunerei,t'Gräfin vu Saaleck,dèr dir fir e bössche Gold hirt Liewen huele wollt.

Bertha: Jo mam Messer sin se op mech duergangen,wé ech hinnen et nöt gutwölleg wollt gin. Besonnesch dat do wor des Deiwels (weist op t'Aranka)

Aranka: (grommelt) O wann ech könnt wé ech wöllt.
Dasso : Dat kennen ech,dat ass dat geftegst vun der ganzer Band.Seng Stro'f wärt och dé schwe'erst sin!
Wlada : Sid nöt so streng,le' Gräfin!
Aranka: Erbarmen!
Tossa : E sonnerbare Mönscheschlag.Hire Matmönschen wöllen se Do't a Verdierwe brengen a f: sech verlangen se Erbarmen.
Lisa : (verächtlech) Et sin Zigeiner!
Bertha: Nöt eso,Lisa,du muss nöt eng ganz Rass fir t'Schlechtegkét vun E'nzelner veruechte: Dé drei do si nu ganz schlecht wé ech des Nuecht feststelle konnt an t'Gerechtegké: verlangt Stro'f fir hir Schold.
Dasso : Dé sollen si och kre'en. - Bekenn dir iech schölleg der Fra hei nom Liewe getruech ze hun. - Aranka,hat dé Al dech duerzo' opgestöppelt?

Wlada : Ech nöt,ech nöt,hat war et....

Aranka: Du al Schlang,matgefangen,matgehangen.

Dasso : Genug,dir sid schölleg an duerfir he'ert elo er Stro'f.
Violka: Gitt nöt ze streng mat hinnen öm,Gräfin!
Dasso : Aranka,du verle'ss nach dös Nuecht des Gegend a le'ss dech ni mé hei gesin.Am anre Fall iwergin ech dech dem Gericht.A nu fort,fort aus mengen Aen.
Aranka: ( schleicht sech lues Trap of a fort)
Dasso : Lola,gé him no a kuck op et och sei Päckelche mecht. (Lola of)
Dasso : An elo t'Mumm Wlada.
Bertha: Mat der wöll ech nach e Wiertche schwätzen.Sot emol,dir hutt mir nach ömmer nöt gezielt wé dat Kand hei bei iech kommass..
Wlada : Ech ka neischt soen,ech wéss neischt.
Dasso : Eraus mat der Sproch,du hues et démols gestuel,al Zigeinerin!
Wlada : Das nöt woer nén,ech war et nöt,et war de Janos,en Zigeiner.

8. Optrött

Vireg - Milka

Milka : (Beim leschte Satz stét Milka uewen op der Trap,si kann sech kaum nach op de Bé halen) Nén,du wars et.
(Alles kuckt op Trap)
Wlada : (erschreckt) Milka...
Milka : Jo,du.He'ert mech un alleguer.Huet sech al Milka nöt mé lang ze liewen,muss si duerfir machen hirt Härz vu Sönne frei. - Huet sech gestuel Mumm Wlada klengt Rosalie vrun 12 Jor fir vun seng Mamm a sei Papp vill Geld ze kre'en.Hu mir awer musst dé selwecht Nuecht nach fort,konnt sech Mumm Wlda sei Plang nöt mé ausfe'ere: Démols war sech dat Kand 5 Jor al,haut ass et eng Joffer an hécht sech - Violka.

Wlada : T'ass nöt woer,si lid,si lid.
Bertha: Firwar huet dir mir dat démols nöt gesot,wé dir bei mir um Schlass wart?
Milka : Konnt ech nöt,wann ech nöt wollt brengen mei klengt le'ft Carmen a Géfor.
Carmen: Mech?????
Milka : Jo,lauschtert weider.Huet mech Mumm Wlada gezwongen op t'Schlass bei t'Gräfin Saal-leck ze goen an ze zielen dé Geschicht vun der Ro's vu Barcelona.Den Zo'fall huet mir geholle f wé ech hu fonnt dé Medaill.
Dasso : Wé konnt se iech dann zwengen?
Milka : Huet si gesot,wier ech a 6 Wochen nöt eröm,wier sech t'Carmen eng Leich.
Tossa : Ass t'Carmen er Duechter?
Milka : Nén ass sech Carmen Duechter vu menger Schwester.
Carmen: ( le'ft op se duer) O Mamma Milka,meng Mattant (sötzt sech virun se op Trap)
Milka : Jo,ech sin deng Mattant.Wars du nach ganz kleng wé gestuerwen ass deng Mamm.War ech démols am Prisong,well mech t'Mumm Wlada dohi bruecht hat.Wé ech si kom eröm

wollt ech nöt soen wén ech wier.Du bass et ni gewuer gin.Wars du so brav a gutt an deng Mattant war am Prisong (kleng Paus) Hun ech Mumm Wlada ömmer gefart,an se mech gehal mat dengem Liewen ömmer an hier Gewalt,ech hat dech gär,Carmen, Fir dech hun ech gemacht wat si wollt.

Carmen: Meng le'f Mattant,duerfir wars du och ömmer so le'f a gutt zu mir.

Wlada : Du al Hex,o wart...

Dasso : Du bass jo nach mé schlecht wé ech gemengt hun,al Zigeinerin,op der Platz mechs de dei Böndelchen a mechs dass de se'er dém anere no könns,soss machen ech dir Bén!

Wlada : Erbarmen!Bedenkt ech sin al...

Dasso : A niderträchteg,an duerfir musste aus menger Ge'gend verschwannen.Muer hoffen ech dech nöt mé heierömmer ze gesin,soss wéss de jo Beschéd.A nu gé mer aus den Aen.

Wlada werft dem Milka nach e rosene Bleck,da se'er of)

Dasso : Wat solle mer dann elo mat dir ufänken? (zum Bianca)

Bianca: O Violka,hief du Erbarme mat mir.

Violka: Dat do ass nöt so schlecht le'f Gräfin.Kuckt et huet sech dé ganz Zeit elo nöt gere'ert a söcher ass et him scho léd,dass et sech verléde geloss huet.

Bianca: Gléf mir,Violka,vu ganzem Härzen bereien ech mei Fehler.

Carmen: (zur Milka) Geseis de Mattant,eso ass t'Violka.Vergiess huet et all sei Léd dat si him ugedon hun a biedelt nach fir dé,dé hat eso gepengescht hun.

Dasso : Nu gutt,wanns du dei Fehler wirklech bereis,da sief dir nach émol verzien.Du könns bei mech op t'Schlass an höllefs an der Kichen an am Gart.Villeicht kann ech nach e gude Mönsch aus dir machen.

Bianca: (op de Kne'en) Gräfin,le'f Gräfin,dausend Dank duerfir!

Dasso : Bedank dech bei dém Kand do (weist op t'Violka)

Bianca: O Violka,ech schumme mech

Violka: Scho gut,Bianca,sté op a fré dech mat ons.Carmen,le'f Fröndin,un dech hätt ech nach e Wonsch ze richten.Du giffs mer eng gro'ss Fréd machen,wanns du mech mat menger Mamma a meng nei Hémecht beglédе giffs.Gelt Mamma,du wölls jo?

Bertha: Ma secher,mei Kand,dé Wonsch sief dir gèren erföllt.Vun Härze gären.

Carmen: Violka,ech kann nöt,elo nach nöt.Kuck,elo wo' ech men arm krank Mattant eröm fond hun,ass meng Platz bei hier,fir si ze pflegen.Wa si mol nöt mé ass,an du hälls dann nach drop,kommen ech ganz gère bei dech.An elo,le'f Fröndin,erlabt mir dass ech mech mat der Mamma Milka zre'ck ze'en.Si ass mid an huet mir sech och nach och nach vill ze zielen.

Bertha: Gé roeg,mei Kand,vergiess ower nöt,der muer am Schlass Dasso deng Belo'nong ofzehuelen. (Milka a Carmen of)

Violka: Carmen,wann de wölls,kanns de jo all dé aner eraschécken fir dass se meng Mamm kenne le'eren a fir dass ech émol fir t'escht a fir t'lescht mat hinne fro' a glécklech ka sin.

Bertha: Jo,da können se nach émol vrun ons danzen fir dass mir nach eng Ke'er de ganze Zauber vum Zigeinerliewen virun Aen hun.Nach émol,iers de mat mir fortgés als Gräfin Rosalie vu Saaleck wöll ech dech önnert hinne gesin als Violka,t'Ros vu Barcelona.

Dasso : An elo ere'scht,Gräfin Rosalie,fannen ech Zeit iech ze begléckwönschen,dass di no so lange Joren an no so vill Léd endlech er Mamm an er Hémecht erömfonnt hu

Violka: Gräfin,wé sin ech eso glécklech!

Tossa : An ech si fro dech eso' glecklech ze gesin.

Bertha: Dat ass t'Baronesse Tossa,mei Kand,dé bescht Fröndin vun onsem Haus.Dèr verdanke mir allen zwé ganz vill,well si huet keng Minut gezeckt mech op dèr gefe'erlecher Rés heihin ze beglédon a mir och an der gre'sster Gefor trei zur Seit ze stoen.An do ass onst Lisa,eng Perel vu Gutthét an Trei son ech der.

Lisa : Meng Méschtesch iwerdreiwt,Joffer.

Violka: gött hinnen t'Hand) Mir wärten nach gutt Frönn zesumme gin.

(Hanner der Bühn he'ert é sangen an durchené schwätzen)

Violka: An do komme meng Fröndinnen,Mamma,mat dénen ech jorelang No't a Léd gedélt hun.

Léschten Optrött

T'Zigeinerinnen kommen eragesprongen sie sangen:

Lidd:

Melodie vum Lidd No 1 : Lo'sst ons danzen,lo'sst ons sprangen,
Voller Loscht a voller Fréd,
An duerzo ons Liddche sangen
hei wat eng Glécksélegkét

Refr.:Heissa,hei asw

(Wann d'Lidd fèrdeg ass könnt Lola eröm bei t'Gräfin Dasso)

Lola : De zwé hun hire Böndelche gepackt an hun sech op de Wé gemacht.
Dasso : T'ass awer och hir Gléck!
Violka: Dir meng le'f Zigeinerinnen vu Barcelona,dé dir mir lang Schwesteren a Fröndinne wart.Ech hun iech an de Sölwertur ruffe geloss fir iech eng gro'ss Neiegkét a fir mech e gro'sst Gléck matzedélen.E Kand oni Hémecht,versto'ss a verkannt, huet endlech no lange Joren seng Mamm eröm fonnt.

Bertha: Jo,dir könnt kucken:Hei stét seng Mamm,an do ass meng Duechter,mei le'ft,le'ft Rosalie ( dréckt et un sech ) èr Schwester Violka,dat dé al Mumm Wlada mir gestuel an heihi geschléft huet wé et nach ganz kleng war.

(T'Zigeinerinnen si ganz verwonnert )

Bertha: De le'wen Härgott awer huet et eso gefügt,dass Mamm a Kand sech eröm fonnt hun.

Violka: An ech gin endlech hém a wöll glécklech sin,glécklech bei menger Mamm.

Bianca: A wösst dir wient Violka wirklech ass? Eng Gräfin ass et,eng richteg Gräfin, dé an engem Schlass wunt.

Zigeinerinnen (durchenén) Eng Gräfin!? Eng richteg Gräfin? Héch soll se liewen,t'Gräfin Violka,héch,héch!

Violka: Le'f Schwesteren.Ech danken iech.Vill Joren hu mir zesumme geliewt hei zu Barcelona.No't a Léd,Hötzt a Kélt,Honger an Duscht alles hu mer zesumme gedroen, hu mir misse gedölleg erdron,well mir t'Mumm Wlada gefart hun.Dé ass elo fir ömmer fort an och fir iech brecht domat eng besser Zeit un.

Dasso : Duerfir suergen ech.Ech gin hinnen Arbecht a Verdengscht.

Zigein: Bravo,Bravo (klappe vu Fréd an t'Hänn)

Violka: Nach émol sief iech also fir alles gedankt.An elo loss mer nach émol zesummen fro a löschteg sin,lo'sst mech nach émol an èrer Mött als Violka danzen,dir meng le'f Schwesteren vum Sölwertur.Emol nach wöll ech mat iech danzen a sprangen als Ro's vu Barcelona.

Zigein: Vive t'Violka,vive t'Ros vu Barcelona.

( stellen sech op fir de leschte Ballet.Dé dé nöt matdanzen stellen sech als Zuschauer ronderöm)

Ballet!

Während de leschten Täkt vum Ballet fällt de Rido!

R I D O .

(T'Musek vum Stéck ass unzefroen beim Här Norbert Goebel,rue de la Semois 67,Luxembourg )